

N° 6787

CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2016-2017

PROJET DE LOI

ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation et modifiant :

- 1) la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires,**
- 2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,**
- 3) la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée,**
- 4) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,**
- 5) la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,**
- 6) la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers**

„Jiddereen ass e Genie. Mais wann Der e Fësch op seng Capacitéite jugéiert fir op e Bam ze klammen, mengt en säin ganzt Liewen laang hie wär domm“.

En iwersatent Zitat,

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

vu kengem aaneren wéi dem Albert Einstein.

Dat beschreift ganz gutt d'Ausgangssituatioun an der Schoul- a Beruffsorientatioun a wisou Handlungsbedarf an dësem Beräich besteet.

Zënter 2000 hunn d'OECD (di europäesch Organisatioun fir wirtschaftlech Kooperatioun an Entwëcklung) an d'Europäesch Kommissioun Iwerleeungen do ronderëm lancéiert. Mat Akzent op enger Strategie vun der liewenslaanger Orientéierung an dem „Life Long Learning“.an engem Kontext vun engem ëmmer méi schnell wiesselenden Aarbechts- a Wirtschaftsëmfeld.

Och de Staatsrot huet a séngem Avis vum 21.Dezember 2007 zur Reform vun 2008 vun der Berufsausbildung fir en eegent Gesetz mat enger globaler Reform plaidéiert.

Ënnert dësen Impulsen huet den Aarbechtsgrupp „FORUM orientation“ ,wéi scho gesot, 2010 eng national Strategie ausgeschafft. Esou ass ënnert der viiregt CSV-LSAP Regierung 2012 d'„Haus vun der Orientatioun“ an d'Liewe geruff huet, e Guichet unique fir di schoulesch a beruflech Orientéierung, deen elo eng legal Basis kritt.

De Rapporteur, deem ech Merci soen fir säin schrëftlechen a mëndlechen Rapport, huet eis dat elo grad alles am Detail erklärt.

Leider leit eis keng Evaluatioun vum Fonctionnement vun der jetzeger Maison de l'Orientation vir, wat dem Projet de loi eng aner Assise ginn hätt.

D'CSV begréisst awer dee neien gesetzleche Kader an huet - wéi ëmmer - kritesch konstruktiv matgeschafft.

Och am CSV Wahlprogramm ass ë.a. virgesinn fir der „Maison de l'Orientation“ eng legal Basis ze ginn, mam Wonsch d'Schoul- a Beruffsberodung vu Jonken an Erwuessenen verstärkt ze regionaliséieren, wat jo heimatt méigleect gött.

Och d'CSV hat geplangt fir de CPOS an d'SPOS en (Centre/services de psychologie et d'orientation scolaires) ze reforméieren.

Mer ginn eis Definitioun vun enger liewnslaanger Orientatioun“, déi also ëmmer nees soll un d'Evolutioun vun dem jonke Mënsch, deem seng Perséinlechkeet eruwiisst, kann ugepasst ginn. Och bleift haut kaum een säi ganzt Liewen op deeër selwechter Aarbechtsplaz well dat wirtschaftlecht Ëmfeld evoluéiert schnell a fuerdert Flexibilitéit.

Wéi orientéieren, respektiv ausbilden fir d'Besoien vum der Wirtschaft, dobäi d'Kompetenzen fördern an di perséinlech Liewenserfëllung erméiglechen? Wéi d'Schouleversoen an d'Schoulofbrieche an de Grëff kréien? Wéi d'Leeschungsmotivatioun steigere?

Fir dës Challenge unzegoen, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, hätt d'CSV sech eigentlech eng méi konsequent Reform erwaart. Mee et ass e Schratt an di richteg Richtung.

Dofir eng Rei Remarken a Froen: 1. Zur Démarche vum der Orientatioun, 2. zur Ëmstrukturéierung vum de jetzegen CPOS an SPOS'ën an 3. Zum Konzept vum Haus vum der Orientéierung.

1. Zur Orientatioun:

D'CSV deelt d'Meenung, dass méi op d'Stärkten vum de Schüler an den Erwuessenen muss opgebaut ginn. Hier Orientéierung soll duerch eng besser Profilerstellung méi gezielt organiséiert ginn.

Ewech also vum der Orientation no ënnen. D'Joer doubléieren, e Beruff net kënne léieren wéinst engem Fach, gëtt en zolitten Krack an d'Selbstvertrauen an an d'Motivatioun vum de Betreffenen.

D'Orientéierung déi mer haut wëlle verbessern, ass Deel vun enger gesamter Orientatiounsdémarche déi bekanntlech schon am Fondamental ufänkt.

D'Orientéierungsprozedur beim Iwergank vum Fondamental zum Secondaire gouf viru kuerzem reforméiert. Dat 1. Gespréich iwwer d'Orientéierung vum Kand gëtt virverluet. Beim individuelle Gespréich mat den Elteren am 3. Trimester um Enn vum Cycle 4.1. schwätzt den Enseignant schon eng 1. Kéier iwert di verschidden Orientatiounsméiglechkeeten fir de Schüler. En informéiert och iwert di divers Schoulofferen nom Fondamental. Um Enn vum Cycle 4.2. decidéieren d'Elteren dann zesummen mam Enseignant, wouhin d'Kand orientéiert gëtt.

Kann den Här Minister mer soen ob di Professeurs-Orienteurs, déi am Cycle 4.1. sollen iwert di verschidden Schoulofferen informéieren schon dëst Joer aktiv waren?

Sollt een d'Orientatioun fir Kanner (ORIKA) net och nach méi praxisno gestalten a reellen Betriebsatelierën, net nëmmen an de Lyceeën, esou wéi z.B bei der Handwierkerkummer vun Tréier?

Bei der Preparatioun vun der Orientatiounsdécisioun behält de Psycholog vum CPOS, wa gewënscht, niewt

dem Titulaire, séng Wichtigkeet. Och wann d'Elteren sech net eens sinn mam Enseignant, huet e neutralen Psychologue vum CPOS eng berodend Roll um Niveau vun der neier Orientatiounskommissioun.

D'CSV fënnt et jo bekanntlech net gutt, dass de Recoursexamen ogschaaft ginn ass. D'Elteren hu nach just d'Méiglechkeet vun engem direkte Recours beim Verwaltungsgeriicht, wat an eisen Aen zevill Nodeeler huet.

Här President,

D'Zuele weisen, dass an de leschte Joeren ëmmer manner Schüler an de Classique orientéiert ginn; si leien nach bei engem gudden Drëttel. Do ginn et och regional Ënnerscheeder, esou de Bildungsbericht vun 2015. D'Chancen fir Schüler aus den Nordgemengen fir an e klassesche Lycée orientéiert ze ginn leien deitlech méi niddreg, e.a. bedingt duerch den sozioekonomeschen Hannergrond. Eng Analyse déi muss verdéift ginn.

D'Orientatioun um Niveau vum Secondaire, déi haut och reforméiert gëtt, ass schon an di geplangten Reform vum Secondaire mat agebett ginn. Dat heescht, dass all Lycée net nëmmen seng eegen Schoul a Beruffsorientéierung muss ab der Rentrée 2017 definéieren, mee si soll och am

zukünftigen Schoulentwäcklungsplang festgehale ginn. All Lycée kritt seng Orientéierungs-Unitéit. Dëst ouni d'Kompetenzen vum Conseil de classe ze beréieren, dee jo och en Orientéierungs-Avis ofgëtt.

Haaptsächlech am ënneschten Zyklus vum Technique soll, laut Reform, eng méi differenzéiert Approche agefouert ginn: Ee gemeinsamen Cours op 7e, op 8e a 9e Couren an den Haaptfächer um Basisniveau an um fortgeschrittene Niveau, déi de Stärkten an de Schwächen vum eenzele Schüler besser Rechnung droen. Ähnlech wéi de Proci's System deen sech an den „Projet cycle inférieur“'s Klassen bewährt huet.

Am Classique soll net vill änneren. D'Fro ass, ob dat och gutt esou ass?

An den Aen vun der CSV dierf de jonke Mënsch net irreversibel un der Orientatioun'sdecisoun vum Enn vum Fondamental festgeneelt bleiwen.

Brécke musse gebaut ginn zwëschen de verschiddenen Unterréchtsformen Secondaire technique (EST), classique (ES) an och dem Régime préparatoire. Et ass dëst net nëmmen eng Encadrementsfro, mee och eng Mentalitéitsfro par rapport zu de Schüler. Dozu ginn et

scho verschidde gutt Initiativen an den techneschen Lycéeeën. Als besonnesch modellhaft zitéiren ech de Projet vum LTE, dem Lycée technique vun Esch. En ähnleche gëtt et och am Lallénger Lycée technique (LTL). Am schwierigsten ass nämlech vum Technique an de Classique ze wiesselen. Den LTE filtert zënter dem Schouljoer 2015-2016 mat Succès di méi staark Schüler eraus. Si schaffen verschidde Schwaachpunkten am 3. Trimester vu 7e op a ginn extra encadréiert fir op eng méi héich Unterrichtsstuf orientéiert ze ginn. D'Elteren grad esou wéi den Klasserot ginn enk matabezunn. D'Schüler si vill méi motivéiert, well se valoriséiert ginn a net duerch Schoulversoen no ënnen orientéiert ginn.

D'Orientéierung op der 9e Technique an der 4e Classique bleiwt weider e kruzialen Moment fir di jonk Schüler.

De Schüler muss sech eng ganz Rei Froe stellen: „Wat fir ee Wee ass dee richtege fir mech? Passt dee Beruff zu mer? Wat fir eng Zukunftschancen huet e bestëmmte Beruff oder Beruffsspart?“ Äls Entscheidungshëllef ginn et elo schon a ville Lyceeën flott Initiativen, wéi d'Job Deeg, Berufsinformatiounsdeeg oder Job-Foiren.

Interessen- respektiv Softskills-Tester mussen d'Lycéeën sech awer selwer beschaafe. Wier et net um Ministère fir esou Material zur Verfügung ze stellen?

Well am Berufsliewen sinn och d'Liewenskompetenzen, also Life Skills (LS), wichteg a net nëmmen di fachlech Kompetenzen, d'Career Management Skills (CMS). Fir et mam fransésche Philosoph a Soziolog Edgar Morin ze soen: „ L'intelligence, ce n'est pas seulement ce que mesurent les tests, c'est aussi ce qui leur échappe ».

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen,
Dee nationale Referenzkader an der Schoul a Beruffsorientéierung vun dem Secondaire kritt haut och eng legal Basis.

D'CSV hat méi wéi 1 Kéier no deem Konzept gefrot, dee mer dunn awer nach virun der heiteger Ofstëmmung an der Chamberskommissioun presentéiert kruten.

Domat gi Standaren gesat déi Orientéierungsdémarche an all Lycée inhaltech a qualitéitsméisseg verbessere sollen. Ech felicitéiren all déi Lyceeën, déi zesummen mat der Maison de l'Orienteur an dem Script an och den SPOS an dem CPOS aus engem Pilotprojet eraus dësen Referenzkader op d'Bee gestallt hunn. D'Evaluatoun a 5 Joer soll genotzt ginn fir di néideg Upassungen ze maachen.

Ze hoffen, dass di méi grouss Autonomie vun de Lycéeën wat hier schoulesch Offer ugeet, d'Chancegläichheet fir d'Schüler garantéiert egal a wéi enger Regioun vum Land. Et wier z. B. net gutt wann se an d'Ausbildungsberäicher vun hirer eegener Schoul orientéiert giffe ginn fir d'Klassen do ze fëllen, well jo net all Schoul all Beruff léiert. De Schüler muss am Mëttelpunkt stoen.

Fir d'CSV ass et och kloer, dass di optimal Vermëttlung vun de Betraffenen no baussen an d'Betriebswelt zesummen mat privaten oder öffentleche Partner duerch Betriebsbesichtigungen a Stagen net dierf ofhängeg sinn vum Site vun der Schoul. Besonnesch Schüler aus Lyceeën am ländleche Raum riskéieren vu kenger esou grousser Offer ze profitéieren fir a Betrieber schnupperen ze goen wéi déi déi z.B. ronderëm d'Stad leien. Hei leit d'Entscheidung bei der Schoul vu wéi engen Offren si Gebrauch mécht. D'Uleies vun der CSV ass jiddefalls, dass all Schüler, am Sënn vun der Chancegläichheet, de gläichen Zougouk garantéiert kritt zu enger diversifiéierter Orientatioun, egal a wéi enger Géigend e wunnt. Et mécht Sënn World Skills Lëtzebuerg do matanzebannen. Begréissenswert fir d'Elteren an d'Schüler aus dem Norden, dass bei de LuxSkills, de nationalen Beruffs-Meeschterschaften aus Industrie, Handwerk an Handel,

eng regelrecht Berufsorientierungsfoire am Kader vun der Foire Agricole an Aussicht gestallt ass.

Den direkte Kontakt mat de Betriber erlabt e wichtege Feedback a wéi enge Sparten et un qualifizéierte Leit feelt a wéi eng Sparten sech zukünfteg opdinn duerch d'Digitaliséierung, z.B.

Net ze vergiessen di atypesch Beruffer: Wéi motivéiere mer méi Jonker, besonnesch jonk Fraen, fir di digital an technesch Beruffer, fir d'Mathematik an d'Wëssenschaften?

Wéi interesséiere mer méi jonk Männer un de Beruffer aus dem edukativen Beräich an aus dem Schoulwiesen?

D'Diversitéit an eng besser Gleichstellungspolitik an de Betriber sinn entretemps duerch Studien als eng wirtschaftlech Plus-Value fir d'Betreiber erweisen. Rezent bestäetgt an der makroekonomescher Étude vum „European Institute for Gender Equality“.

Eng Orientatiounsdémarche wou de Genre dauerhaft integréiert ass fir d'Stereotypen ofzebauen ass besonnesch efficace, och wann de Girl's a Boy's Day sécherlech seng Daseinsberechtigung behält.

Wéi kann een also verschidden Beruffer méi attraktiv maachen? Wéi d'Handwierk méi valoriséieren? Do si nach besonnesch vill Sténg aus dem Wee ze rafen. Dat hu mer jo gëschter héieren bei der Interpellatioun vun der CSV iwert d'Kleng- a Mëttelbetrieber. Net nëmmen di schwaach Schüler dierfen schlussendlech do landen, well fir sie soss näischt méi bleiwt.

Projetën, wéi den Luxembourg Science Center (LSC) fir di wëssenschaftlech Beruffer, d'Wanderausstellung „Hello Future“ fir di industriell Beruffer mat Méiglechkeet vun Schnupperstagen, d'Initiativen vun der Handwierkerkummer oder den „Talent-check“ vun der Chambre de Commerce sinn flott Initiativen, déi och an de Referenzkader kéinten afléissen.

Beim Projet Schüler-Mentoring M-PROJ ginn di meeschtens ondecidéiert Schüler vun den iewschte Klassen mat Succès vun engem Mentor aus dem Wirtschaftsliewen begleet an hirem Choix vun enger Berufsausbildung.

Mee och d'Elteren spillen eng wichteg Roll fir di Jonk ze motivéieren hiren eegene Wonschberuff ze fannen a net onbedéngt deen si sech selwer giffe wënschen.

Wat di nei Cellule d'orientation ugeet 2 Bemierkungen:

1. Wat d'Klärung brauch, d'CSV hat drop higewisen, ass den Aspekt vun den Déchargen, esouwuel beim Koordinator vun der Cellule d'évaluation wéi beim Orienteur.
2. begréisst d'CSV, dass, entgéint dem initialen Text, d'Zesummesetzung vun der Orientéierungszell erweidert gouf. Et ass e Must, dass de neien SPOS an der Cellule d'orientation vertritt ass - och wann d'Lycée s Direktioun sech am Kader vun der Lycée s Autonomie entscheede giff di Orientatiouns-Unitéit net an de SPOS Lokaler funktionnéieren ze lossen. Engersäits, kann een di Orientationsdémarche um Terrain net einfach esou künstlech trennen vun enger psychosozialer an edukativer Beträiung a Begleedung an aanererseits hunn d'SPOS-Equipen en immensen Knowhow a vill Kontakter mat der Beruffswelt an all deene Joeren opgebaut.

An domat kommen ech, Här President, op den 2. Schwéierpunkt vu menger Interventioun, der Ëmstrukturiéierung vun dem CPOS an de SPOS'en.

Ech erënneren kuerz drun: De CPOS gouf hei zu Lëtzebuerg instituéiert am Kader vum Mëttelschoul's-Gesetz vun 1965, zesummen mat der Fonktioun vum Psycholog déi do éischtmoleg diskret Agank an den Texter

fonnt huet. De Beruff vum Psycholog ass historesch enk mat der Beruffsorientéierung verbonnen. De Gesetzgeber hat awer schon 1929 erkannt, dass eng adequat Beruffsorientéierung no der Schoulpflicht néideg wier. An den Institut Emile Metz war nach do virdrun Virreider op deem Gebitt.

1973 duerch d'Gesetz vun der EDIFF, dem differenzéierten Unterricht, dat jo och am gaang ass reforméiert ze ginn, koumen nei pädagogesch Beruffer derbäi. Déi vum heitegen Édicateur gradué an Édicateur, déi haut net nëmmen an de Schoulen bei de SPOS'ën a beim Service socio-éducatif wichteg Missiounen erfëllen. Och Assistants sociauxën sinn Deel vun den Équipes grad wéi Enseignanën.

D'Aufgaben vum CPOS an de SPOS en ginn elo beschnidden an deems hier bis dato Missioun vun Orientéierung un di zukünfteg Cellule d'orientation fällt an domat jo di ganz Schoulcommunautéit agebonne gött.

Mee si behalen laut Gesetz nach eng Partie Orientationsaufgaben. Wisou muss d'Wuert „Orientation“ dann awer aus dem neie Numm gestrach ginn, hat d'CSV hannerfrot? Wéi kann de neie Numm dem Aspekt vun der edukativer Begleedung och Rechnung droen? Froen, déi

sech de "Forum orientation" an d'Mataarbechter vum CPOS an de SPOS en och gestallt hunn. D'Regierung war just mam Kompromiss „Centre oder Services psychosociaux et d'accompagnement scolaires“ d'accord. D'Wuert « accompagnement » koum also bäi.

Engerseits goufen iewer an dëse Zervisser an de leschte Joeren an enger Auto-Évaluatiouns démarche immens Efforen gemaach fir regelrecht Qualitätsstandaren an der Orientatioun ze definéieren mat Leitlinien a Best-Practice Approchen.

Anererseits, gouf d'Orientatioun op de Niveau vun enger klinescher Disziplin gehuewen, wou de Schüler a sénger Globalitéit, als Persoun an der Interaktioun mat séngem Ëmfeld gekuckt gëtt. Ech verweisen do op di exzellent global Joeresqualitätsberichter (JQB) vum CPOS.

Bal en Drëttel vun de Schüler, ronn 11.000, wenden sech un d'SPOS/CPOS en. D'Orientatioun ass oft eng méi einfach 'Entrées-Dier fir eng psychosozial Hëllef a Begleedung unzufroen. Dat gëllt fir 1 Drëttel vu de Jonken. Riskéiert de Schüler net an der Schoul als „Problemfall“ ofgestempelt ze ginn wann en den Ophänker vun der Schoul- a Beruffsorientéierung net méi huet fir de SPOS opzesichen?

Ausserdem hunn di vill psychosozial Aktivitéiten vun den SPOS/CPOS och e positiven Effekt op d'Orientéierung vum Schüler.

1.000 Schüler, d.h. 3%, ginn an d'Berodung bei de CPOS. Bei der Halschent vun dese psychosoziale Berodungsgespréicher sinn psychesch Problemer d'Ursach. Mee de Schüler huet elo net méi de fräie Choix fir sech direkt un den CPOS ze wenden, ausser a senger Schoul gëtt et kee SPOS. Dat ass just nach méiglech op d'Demande vun deem jeweilegen SPOS am Fall wou en eng spezialiséiert psychosozial Ennerstétzung brauch. De CPOS gëllt awer als onofhängeg vum Schüler senger Schoul, besonnesch wichteg am Fall wou en e Problem mam SPOS vu senger Schoul hätt.

D'Personal vun de jetzegen SPOS gëtt elo ënnert d'Autoritéit vum Lycée s-Direkter gestallt.

D'SPOS-Equipen baangen deelweis wéinst der Vertraulechkeet vun de Gespréicher mam Schüler, z.B am Fall vun engem Litige mat der Direktioun. D'Beruffsgheimnis wier net a Fro gestallt, huet den Här Minister bestätegt op Nofro vun der CSV. Laut CPOS-Gesetz kënnen jo effektiv d'Konklusiounen vun engem Dossier weidergerecht ginn. Am héigere Interessi vun

de Jonken, muss och an der Schoul grad wéi mat den externen Partner, z.B. mam ONE (Office National de l'Enfance), vernetzt a coordinéiert geschafft ginn.

Opgrond vun der rezenter parlamentarescher Ufro Nr. 2641 vun der CSV huet sech erausgestallt, dass d'SPOS en leider net an all Lycée iwert dat néidegt Personal verfügen, besonnesch an de méi aale Lycéeën. Et gëtt och net ëmmer riguréis opgefouert wee fir de SPOS oder wee fir den edukative Zerviss schafft - deeër ginn et och net genuch. D'Chifferen stëmme net mat deenen vum Joeresqualitätsbericht vum CPOS iwereneen. En plus gëtt d'SPOS Personal net an de nationalen Statistiken vum Ministère gefouert, wat net transparent ass. Duerch d'Reform am Secondaire ginn elo zousätzlech Posten accordéiert, awer nëmmen wann d'Schoul eng koherent Démarche fir di psychosozial an edukativ Aarbecht presentéiert. Dat geet an di richteg Richtung.

De CPOS ass am gaang e Referenzkader fir di psychosozial Begleitung auszeschaffen ënnert deem d'SPOS Leit dem CPOS weisungsgebundene bleiwen. Ech wollt vum Här Minister wëssen ënnert wat fir engem Referenzkader dann di Educateurs a Éducateurs graduéen elo schaffen wärten? A wat geschitt mat dem

Personal aus dem CPOS, dat op de Volet Orientatioun spezialiséiert ass?

Och net kloer ass, wéi et mat der Missioun vum CPOS als „Médiateur scolaire“ par rapport zum Projet de loi mam geplangten schouleschen Médiatiounszerviss steet. Do geet Rieds vun 3 Médiateuren, dee fir de Schoulverbleif, dee fir Inklusioun an dee fir Integratioun. Kann den Här Minister eis do méi soen?

Di sozial Missioun vum CPOS trëtt elo méi an de Vierdergrond duerch di gesetzlech verankert finanziell Hëllef fir sozial schwaach Famillen a fir erwuesse Schüler a Nout, déi riskéieren d'Schoul ofzebriechen. D'Schoulbichergeld ass do mat dran. Vu dass d'Demande fir d'Subventioun vun de sozial schwaachen Familljen mam Schouljoer agereecht ginn, wollt ech wëssen ob déi Famillen awer, wéi bis elo, eng Avance kréien fir d'Schoulbicher ze kafen fir finanziell Enkpäss ze vermeiden? Wéi oder vu weem kréien d'Schüler déi am Ausland an d'Schoul ginn gehollef? Wéi a wou fannen di erwuesse Schüler a Nout eng Wunneng? Wichteg jiddefalls, dass d'Konditiounen vun den Hëllef ofgestëmmt sinn par rapport zu deenen vun aneren

Ënnerstéztungen, wéi z.B. Loyeressubventioun oder déi vum ONE.

Bei der Lycéesreform kënt demnächst eng weider Missioun op e.a. d'SPOS en duer mat der Schaafung vun enger „Commission d'inclusion scolaire“ an all Lycée. Si soll sech ëm d'Schüler mat speziellen an besonneschen edukativen Besoien bekëmmere. Wee bekëmmert sech dann, Här Minister, ëm deene Schüler hier Schoul- a Beruffsorientéierung? Déi ass aktuell net zefriddestellend. Och fir sie dierf et kee "Way of no return" sinn ouni Brécken tëschent de Schoulregimer.

Dat Ganzt gëtt jiddefalls e regelrechten Koordinatiounschallenge!

Här President,
Léif Kollegen a Kolleginnen,

Nach e puer Remarquen zum Konzept an der Struktur vun der Maison de l'Orientation.

Do ass och elo scho ganz gutt Aarbecht gelescht ginn, mee et huet u Koordinatioun gefeelt.

An elo? Elo ginn d'Partner offiziell geographesch zesumme gefouert, awer net funktionnell. Den Direkter ass just Chef hiérarchique vum Personal vum Service de Coordination vum Haus vun der Orientéierung. En huet keng Autoritéit iwert di aner Partner. Bleift e net, wéi ee seet, en „zahnlosen Tiger“? Am ofgekucktene Konzept vun der „Cité des métiers“ funktionnéieren di Leit als regelrecht pluridisziplinär Équipe.

Wichtig ass en personaliséierten Accueil, dee besonnesch de Jonken Loscht mécht e berufleche Wee ze wielen an opzebauen. Net zevill Bürokratie also, mat an der Schlaang stoen, kontaktfreedeg Personal an och en didaktesch gutt opgebauten Internet-Accès. Hei ass de Moment nach Loft no uewen.

An deem Sënn sinn lokal Antennen vun der Maison de l'Orientation ze begréissen. Mee wou Maison de l'Orientation drop steet, muss och Maison de l'Orientation dra sinn! Dat ass z.B. net de Fall zu Diekrech wou en Haus esou genannt gëtt, wou awer keen Zerviss dran ass dee mat Schoul- a Beruffsorientéierung ze dinn hunn, wéi d'Gericht, Führerschäin, Inspektorat a Jugendhausstruktur. Dëst entsprécht awer net der Definitioun vum virleienden Artikel 1. Wat seet den Här Minister dozou?

Op der Finanzfiche vum Gesetzesprojet stinn 4 nei Mataarbechter : 2 Carrières supérieures an 2 Carrières moyennes. Ginn déi effektiv duer an ass dee Budget schon ugefrot? D'CSV war erstaunt, dass de Ministère schon zënter 2015 eng Coordinatrice agestallt huet ouni Ausschreibung an ier d'Gesetz gestëmmt war. Si war esou diskret, dass ee net weess wat si konkret op d'Schinne gesat huet. Den Här Minister hat gemengt, dat misst och net di zukünfteg Directrice ginn an de Recrutement giff zesammen mat der ADEM gemach ginn. Dofir wollt ech froen: Ass entretemps e Profil erstallt fir dee Posten? Wéi steet et mat der Ausschreibung? Ween ass konkret chargéiert mat dem Recrutement an der Auswiel vun de Kandidaturen?

Dass d'ALJ (Action locale pour Jeunes) a , déi haut am Kader vun engem aneren Gesetzesprojet an den SNJ soll intégréiert ginn, wërft an den Aen vun der CSV awer eng ganz Rei Froen op: Hier Bezéiungen mat der Beruffsausbildung gi gekappt, an se verléiert hier Plaz an der zukünfteger Maison de l'Oriantation. De koordinéierten an individuellen Encadrement vun de Schüler an de Schoulofbriecher an an ausserhalb vum Lycée a virun allem während an ausserhalb vun de Schoulzäiten riskéiert zu engem Spagat ze ginn.

De CEDIES (Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur), dee fir d'Héichschoul an Unistudien zoustänneg ass, misst och am selwechten Haus sinn an net op enger anerer Adress. Och fällt de Volet vun der Beruffsorientéierung vum Gesetz vum 18. Januar 2012 net ënnert dee virleienden Gesetzesprojet. D'Missioun vum Guichet unique ass heimatt, esou och de Staatsrot, deelweis a Fro gestallt. Gëtt also den Zougank fir d'Schüler an d'Bierger zur Informatioun elo wierklech besser? Huet d'Regierung net dru geduet fir och den Info-Büro vun der Arméi an d'Maison de l'Orientalion eranzehuelen? Ass net den An schluss verpasst ginn fir d'Iniativen vun de Beruffschamberen mat anzebauen, anstatt dass se parallel laafen?

Schued, dass di initial proposéiert Strategie vum Forum orientation, deen och elo eng legal Basis kritt, zimlech verwässert gëtt.

1. huet d'Erwuessenen-Orientéierung an den "Apprentissage pour adultes" net di néideg Plaz am Konzept vun dem Haus vun der Orientéierung. Et bestinn keng Direktiven fir si. Et ass keen Portefolio „Orientatioun“ virgesinn wou sämtlech Portefolioën vun der Persoun kéinte matafléissen.

2. D'Formatioun

Och di bescht Offeren an de Schoulen an an de Betrieber notze näischt wann net all d'Acteuren déi an der Orientatioun eng Roll ze spillen hunn permanent um leschte Stand ze sinn.

Mir hunn verschiddenen Zorten vun Orienteuren mat verschiddenen Basisausbildungen: den Orienteur SPOS (psycho-socio-edukativ) an den Enseignant-Orienteur. En plus den Conseiller en orientation vun der Beruffsorientation an dee vum CEDIES. Hier Formatioun a Weiterbildung ass awer net harmoniséiert an definéiert: Fir d'Orienteuren aus dem Haus vun der Orientation falen 16 Stonnen d'Joer un, fir d'Memberen aus der Cellule d'orientation 8 Stonnenn an de Koordinator vun der Cellule brauch net de Profil vum Orienteur.

Virwat net, wéi proposéiert, e « professionnellen Orienteur » s –Posten schaafen an de Lyceeën mat enger Definitioun vu sénger Formatioun a séngen Aufgaben? De Forum freet e Bachelor an enger Spezialisatioun an den Sozialwëssenschaften als Basisformatioun fir d'Vollzäit-Orienteuren. E proposéiert fir d'Enseignantë déi dat deelzäit maachen dat méi souple unzegoen mat Iwergangsbestëmmungen fir di aktuell Conseillerën. Ech verweisen och op den däitschen Berodungsqualitéits-Modell „BeQu-Konzept“ mat sengen interessanten

Instrumenter fir eng Qualitéitsentwécklung vun der Bildungs-, Berufs- a Beschäftigungsberodung.

Et feelt also un Qualitätsstandarën an engem Kompetenzprofil fir d'Orienteurën.

3. De fréizäitegen Encadrement vun de Schüler déi an der Schoul versoen a riskéieren d'Schoul ofzebriechen grad wéi vun den diploméierte Jonker déi hiren Berufsstart verfeelen ass net ginn. D'Zuelen vun den Décrocheuren sinn erschreckend héich: 2014/2015 waren et 13,5%, d.h. ronn 1.000 Schüler ouni Schoulofschloss, dorënner besonnesch vill Portugiesen.

Schüler mat Migratiounshannergrond stellen ni ewt deenen mat engem schwaachen sozioekonomeschen Hannergrond eng ëmmer méi grouss Erausfuerderung duer, net nëmmen um Niveau vum Unterricht, mee och fir d'Orientalioun.

Bei Schoulofbroch intervenéieren eng ganz Rei Acteuren, de CPOS, bis an enger Stonn nach d'ALJ, den SNJ an och d'ADEM, d'Aarbechtsamt. Entretemps goufen och Projets de loi deposéiert fir e.a. d'Afféieren vun engem Médiateur am Beräich vum Schouleverbleif a vum Observatoire scolaire.

Mee wéini leet den Här Minister, eng global an differenzéiert Strategie vir, no séngem Motto „Eng Schoul déi sech këmmert“? Gëtt déi gesetzlech verankert? Wéi

steet et mat der scho fir Oktober 2016 ugekënnegter NEET-Etude iwert jonk „not in employment, education or training“? Engem Zwëschestand no wieren 5,8 % vun de Jonken tëschen 15 bis 24 Joer betraff. Wéi steet et mat der Orientatioun vu Jonken, déi hire Start an d'Beruffsliewen verpatzt hunn?

4. Last but not least si keng Expèren aus dem wëssenschaftleche Milieu an den Strukturen vertratt déi den konzeptuelle Kader ausschaffen, z.B. am „Forum Orientation“. Ass eng Zesummenaarbecht mat Instituter vun der UNI an dësem Fall net zevill minimalistesch?

Fazit:

Et geet net duer, Här President, fir d'Stroossen all mateneen opzerappen an d'Stroossenimm z'änneren! D'Leit déi op deene Chantierë schaffen, mussen dat och nach packen an d'Leit déi d'Stroossen benotzen, mussen sech och nach an deem Labyrinth erëmfannen! De Beweis, dass dat zu Chaos féiert, hu mer beim virleienden Gesetzesprojet gesinn. D'Regierung huet en onkompletten Projet de loi déposiert, wou se net manner wéi 10 Gesetzesännerungen vergiess hat! Et war schlussendlech d'CSV déi op de Mëssel higewisen huet. De Projet huet

dowéinst nees misse vum Ordre du jour vun der Chamber erofgeholl ginn. Dat einfach als „administrative Fehler“ duerzestellen ass e bëssen einfach - de Staatsrot huet dat jiddefalls net esou gesinn! Mee, „administrativ Fehler“ sinn nun eemol Moud an der Gambiakoalitioun...

D'Gesetz vun der Maison de l'Orientation ass wuel e Schrack no vir. An den Aen vun der CSV, hätt d'Regierung awer e puer Schrëtt méi weit kënnen goen.

Et muss sech elo um Terrain erweisen ob d'Regierung sech di néideg Mëttel ginn huet, anerefalls muss nogebessert ginn, am Sënn vun eise Schüler a Schülerinnen.

Domat ginn ech, Här President, den Accord vun der CSV Fraktioun fir dëst Gesetz matzestëmmen.

Syvie Andrich-Duval

CSV Deputéiert